PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/07/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

A menger Fro Nummer 481 wollt ech wëssen, wéi oft Ministere fir hir Aarbechtsvisitten op Privatjets zeréckgräifen. Dat ware laut Äntwert 61 Flich an de leschte 5 Joer. D'Mobilitéitsministesch mécht an enger Social Media Kampagne awer Reklamm domadder, dass d'Regierungsmemberen och mam Zuch op Aarbechtsvisitte fueren. An engem Bäitrag op der Plattform X vum 19te Juni weist sech d'Mobilitéitsministesch zum Beispill op enger Foto an engem Zuch um Wee op Dikrech.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann déi aktuell Regierung eng Lëscht virleeë mat alle Reesen, déi zënter dem Untrëtt gemaach goufen a fir déi ee Minister den Zuch geholl huet a wou folgend Informatiounen enthält:
   • Zuchstreck (Lieu de départ & Arrivée);
   • Käschte vum Trajet;
   • Notznéisser (Ministère).

2. Wéi vill Sue goufe fir d'Social Media Kampagne zu dësem Sujet ausginn?

3. Ass eng weider Social Media Kampagne geplangt, wou gewise gëtt, wéi Regierungsmembere mam Zuch fueren? Falls jo, wéi eng?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten